



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 9. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 31. Oktober war am Quotidien ze liesen, datt Léierbouwen hiert Schoulmaterial zu engem gudden Deel ëmmer nach aus eegener Täsch mussen bezuelen, obwuel d'Käschte fir Schoulbicher säit Jore vum Staat iwuerholl ginn. Als Beispill gëtt am Artikel notamment déi entspreichend Aarbechskleedung genannt, déi jo dacks och e Sécherheetsaspekt mat sech bréngt.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Materialien d'Léierbouwen all Joers mussen akafen, fir un hire Coursen a Stagen deelzehuelen, wéi vill Käschten heimat duerchschnëttlech pro Schouljoer verbonne sinn a wéi déi Decisioun motivéiert ass, dës Käschten net duerch d'ëffentlech Hand ze droen, respektiv op mannst e fixe Montant ze rembourséieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten